déi selwecht Rechter fir jiddwereen...

...och fir eis!

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2009

Un d'Verhandlungsdelegatioun
vun der CSV

Héichgeéierte Präsident vun der Verhandlungsdelegatioun,
Dier Dammen,
Dier Häre,

Mier begléckwënschen Är Partei fir d'éischt emol fir hiren Erfolleg bei de Wale vum 7. Juni.

Mier wennen eis dës Kéier un Iech als Verhandlungspartner bei de Koalitiounsgespréicher am Kader vun der Neibildung vun der Regierung fir déi nächst Legislaturperiod.

„Och fir eis…!" ass eng kleng onofhängeg Initiativ déi sech dofir asetzt, datt gläichgeschlechtlech Koppelen déi selwecht Rechter kréie sollen, wéi heterosexuell Koppelen. Während eiser Ënnerschrëften-Aktiounen am vergaangene Joer hu mer esou iwwer 1500 Ënnerschrëfte konnten zesummendroen.

Mier hunn ënnert anerem eng Pressekonferenz organiséiert, un där d'Me Christine Doerner deelgeholl huet. Si huet eis géigeniwwer Äusserunge gemaach, datt se eis Saach giff ënnerstëtzen. Och hu mer de Festival „Gaymat 2009", zesumme mat der A.s.b.l. *Rosa Lëtzebuerg*, organiséiert, wou mer d'Ëffentlechkeet op eist Uleies opmierksam gemaach hunn. D'Haaptthema dëst Joer war d'Fuerderung vum Opmaache vum zivile Bestietnes fir gläichgeschlechtlech Koppelen. Mier hunn hei en immens groussen Zousproch aus der Ëffentlechkeet kritt. Op eisem politeschen Debat hate mer Vertrieder aus alle Parteien invitéiert, déi eis alleguerten hier Ënnerstëtzung versprach hunn, mat Ausnahm vun der ADR. Wéi Dier wahrscheinlech wësst, wëll Äre Verhandlungspartner, d'LSAP, d'Opmaache vum Bestietnes fir gläichgeschlechtlech Koppele laut hirem Walprogramm ëmsetzen.

Och den Här Juncker huet, fir d'lescht am RTL Préifstand vum 4. Juli 2009, sech widderhuelt positiv fir d'Recht op Bestietnes vu gläichgeschlechtleche Koppelen ausgeschwat.

Mier bieden Iech dofir, dëse Punkt an Är Koalitiounsgespréicher opzehuelen an Iech dësem Thema net prinzipiell ze verschléissen. Mier fuerderen Iech och op, der gesellschaftlecher Entwécklung komplett Rechnung ze droen an unzeerkennen, datt eng déif Léift méi verdéngt wéi en einfache Contract!

Laurent Boquet
Koordinateur a Pressespriecher

www.och-fir-eis.org
info@och-fir-eis.org
c/o Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l., 60 rue des Romains, L-2444 Lëtzebuerg